ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 27. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Minister fir Konsumenteschutz weiderzeleeden.

An eisen dräi Naturparken (Our/Uewersauer/Mëllerdall) gi jo vu verschiddene Kooperatioune Produiten hiergestallt, déi als regional, respektiv, lokal Produite verkaaft ginn.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Gëtt et eng genee Definitioun dovunner, wat zu Lëtzebuerg als regionalen, respektiv, lokale Produit kann ugesi ginn? Wa jo, wéi gesäit dës Definitioun aus?
2. Wéi verfuere mir mat auslännesche Produiten, déi als regional Produite markéiert sinn, an awer net aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun stamen?
3. Wéi gëtt dem Konsument beim Kaf vum Produit kloer duergestallt, datt et sech ëm en Erzeugnis aus Lëtzebuerg oder der Groussregioun handelt?
4. Wat gesäit d'Regierung vir, fir de Konsument méi ze motivéieren, lokal, respektiv, regional Produite virzezéien?
5. Wat gesäit d'Regierung vir, fir Lëtzebuerger Produite méi «en évidence» ze setzen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten